



NEWSLETTER #6 - August 2022

Schoulvakanz a Congé Collectif, kee Mënsch hält et méi doheem, no 2 Joer Aschränkung gëtt de Covid verdrängt an d'Menschheet gëtt just nach duerch d'Streike vun de Pilote resp. dem Buedempersonal op de Fughäfe ronderëm d'Welt ausgebremst.

All dat stéiert eis jo net besonnesch, mir duse jo mam eegenen Töff duerch d'Welt a wann een net gard (wéi mir) eng Tour an den Oste geplangt hat, halen och déi deier Spritpräisser eis kaum nach zeréck.

D'Halschend vun der Saison ass scho gelaf an elo starte mir zu eiser „Ersatz-Tour“, eis On- an Off-Road **TRANSPYRENAICA-Tour 22**, den ultimative Motostour vum Atlantik un d'Mëttelmier, queesch duerch d'Pyrenäen. Eng knapp 3 Wochen-Tour, entweder vum 2. oder als „light“-Versioun, vum 10. bis den 20. August; an zwar souwuel als ON- wéi och als OFF-Road-Tour !

Et stinn a Frankräich wéi och a Spuenien eenzel Deelstécker vum TET (Trans-Euro-Trail), wéi och quasi de kompletten ACT (Adventure-Country-Tracks Pyrenäen-Tour) um Programm.



E **verlängerte Weekend-Tour** vu **Fr. den 2. bis So. de 4. September** féiert eis **an de Jura (Umeldeschluss 31.07.)**

A fir all déi net grad esou suedelfest Kilometerfrësser, **mir hunn och nach de 07.08. eng Relaxe-Dagestour a vum 17. op den 18. September eng Relaxe-Weekend-Tour** (Däitsch-Belsch-Grenzgebitt) **um Programm !**

Sonnes de **25. 09.** fuere mir beim „Zesummen Ennerwee“ e kleng **Motostour mat eisen handicapéierte Frënn** a maachen hinnen domadder eng riiseg Freed. Kommt a macht mat. (2. Helm net vergiessen !)

Eis **XXL-Hierscht-Tour am Oktober** ass dann elo och komplett a bis an de leschten Detail geplangt. Et gëtt hei awer keen Mototransport (kaum Interessé an duerfir definitiv ze deier), also keng Optioun fir just déi mëttels Woch an Apulien mat ze fuere. Entweder de vollen (3 Woche) Programm oder näischt. Et besteet also just nach déi Méiglechkeet (z.B. fir eis Sozia/en), - mam Flieger zeréck oder hin an zeréck. **(Umeldund virum 25.08.)**

Vergiest net: eis **regelméisseg Clubowenter, 2 x mol de Mount** an zwar **all 2. a 4. Donneschdeg am Mount** (also z.B. den 11. a 25. August an den 8. A 22. September) an eisem Clublokal „Il Castello Borghese“ um Sennéngerberg !

Alain BURG, Präsident

De Programm:

02.08.	>	22.08.	Di.-Mo.	TRANSPYRENAICA On- & Off	AB/SMK	08:00	Esso	Esch/Alzette
04.08.		----	Do.	FEIEROWENDTIERCHEN 4	CW	17:30	Total	Mierscherbiere
07.08.		----	So.	RELAXE-TAGESTOUR	CW	09:00	Total	Frisange
27.08.		----	Sa.	TAGESTOUR	CJ	09:00	Total	Mierscherbiere
02.09.	>	04.09.	Fr.-So.	WE-TOUR an de JURA	AB	09:00	Total	Livange
10.09.		----	Sa.	Randonnée Off-Road - TET 4	SMK	09:00	Total	Dudelange
11.09.		----	So.	TAGESTOUR	MM	09:30	Total	Mierscherbiere
15.09.		----	Do.	FEIEROWENDTIERCHEN 5	JPS	17:30	Total	Z.I. Contern
17.09.	+	18.09.	Sa.+So.	RELAXE-WEEKENDTOUR	SMK/CW	09:00	Total	Mierscherbiere
25.09.		----	So.	ZESUMMEN ENNERWEE	AB/JPS	13:00	Beringen	Hall Irbicht
30.09.	>	09.10.	Fr.-So.	XXL-HERBSTTOUR "Ab in den Süden"	AB	09:00	Total	Livange
09.10.	>	16.10.	So.-So.	+ Dolce-Vita-Tour duerch Apulien	Alessandro	Melan		Apulien
16.10.	>	23.10.	So.-So.	Rückkehr aus Italien	AB		Retour	